

Demokratie op eng parlamentaresch Majoritéit beriff. Am Fall vun engem institutionelle Konflikt, soen ech awer och hei, datt d'Regierung kënnt op Grond vum Artikel 74 vun der Verfassung d'Dissolutioun vun der Chamber froen an domat dann Neiwahle produzéieren, déi also den nämlechten Effet wéi e Referendum hätten. De Fait, datt also hei net virgesinn ass, datt d'Regierung kann de Referendum froen, kann iwwert en anere Wee bei kruzelle Froen, wou et wierklech en Dissens géng ginn tëschent dem Parlament an der Regierung, iwwert dee Wee geléist ginn.

D'Regierung mengt also, datt dat heiten eng gutt Reform wär, datt et eng Reform wär, déi awer muss ganz kloer am Wësse vum Parlament mat sech zéien, datt een eng Verfassung net dierf liichtfankeg änneren. An duerfir den Appel vun der Regierung un d'Parlament fir nëmme mat äusserster Virsicht

d'Fundamenter vun eisem Land ze änneren, virun allem déi institutionell Fundamenter vum Land, an datt dat hei net soll eng Dier opemaach si fir no engem Moudetrend oder op e „Coup de tête“ hin eng Verfassung ze änneren. Den „Délai de réflexion“ vun dräi Méint an déi extra Majoritéite menge mer, hoffe mer a wënsche mer, datt déi deem Rechnung droen. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum neien Artikel 114 vun eiser Verfassung a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de la proposition de révision de la Constitution (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleienenden Artikel 114.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Et ass déi leschte Kéier wou kann duerch Procuratioun ofgestëmmt gi bei der Verfassungsännerung, wann deen Artikel hei ugeholl ass.

D'Ännerung vum Artikel 114 vun der Constitutioun ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstent-ioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent

Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Marco Schroell), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wiere mer, wéi mer uganks der Sitzung decidéiert haten, um Enn vun eisem Ordre du jour vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien, de 27. November, a fänkt um 11 Auer an.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.39 heures)

Ordre du jour

- Dépôt d'une proposition de loi
- Communications
- Ordre du jour
- 4896 - Projet de loi portant
 - réglementation du maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements;
 - transposition de la Directive 98/50/CE du Conseil du 29 juin 1998 modifiant la Directive 77/187/CEE du Conseil concernant le rapprochement des législations des Etats membres relatives au maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements telles qu'elles ont été codifiées et abrogées par la Directive 2001/23/CE du Conseil du 12 mars 2001;
 - modification de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel et de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;
 - modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouve M. François Biltgen, Ministre.

(Début de la séance publique à 11.04 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Madame Reuter-Angelsberg freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

1. Dépôt d'une proposition de loi

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (*DEI GRÉNG*).- Här President, ech wollt den Dépôt maache vun der

- Proposition de loi 5252 concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun deser Proposition de loi duerch d'Madame

Reuter-Angelsberg. Si gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Instanzen.

2. Communications

Da wollt ech der Chamber nach folgend Kommunikatiounen maachen:

1) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 25 novembre 2003, le

Projet de loi 5251 sur les contrats de garantie financière portant

- transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière;

- modification du Code de commerce;

- modification de la loi du 1^{er} août 2001 concernant la circulation de

titres et d'autres instruments fongibles;

- modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1er du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières;

- abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension;

- abrogation de la loi du 1er août 2001 relative au droit de propriété à titre de garantie.

2) La question irakienne, l'avenir de l'OTAN et la réforme institutionnelle de l'Union européenne figureraient à l'ordre du jour de la session plénière du Parlement Benelux au Sénat belge, les 21 et 22 novembre 2003.

Le Luxembourg y était représenté par M. Nico Loes, Président de la délégation, M. John Schummer, Vice-Président du Parlement Benelux, Mme Nelly Stein, M. Jean-Pierre Koepp, M. Camille Gira et M. Xavier Bettel.

L'Assemblée a pris connaissance d'un rapport relatif à la politique de défense et de sécurité après la crise irakienne, rapport né de l'audition des ambassadeurs, représentants permanents des pays Benelux auprès de l'OTAN. Les diverses interventions sur ce sujet ont permis de conclure à un rapprochement des opinions au sein du Benelux dont les trois pays pourraient songer au défi de proposer, dans une approche multilatérale, leurs services pour une mission de préparation du terrain.

Le Conseil Consultatif a ensuite examiné les divers chapitres du 47^e Rapport commun des trois Gouvernements sur la réalisation d'une union économique entre les trois pays, avant de prendre connaissance des réponses des Gouvernements à des recommandations approuvées antérieurement et d'adopter de nouvelles recommandations notamment en matière de politique énergétique et de droit de suite sur les oeuvres d'art.

Enfin, M. Nico Loes a été nommé membre du Groupe de Travail „Fonctionnement du Parlement Be-

nelux" en remplacement de M. Ady Jung.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ugeet, wollt ech drop hiweisen, dass dee sech opgrond vun der Décisioun vu gëschter folgendermoosse presentéiere wäert:

Fir d'éischt hätte mer d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen. Duer no de Projet de loi 4884 iwwert de Code de procédure civile. Dann de Projet de loi 5230 iwwert de Verkauf vun engem Besëtztum um Kierchbiereg, a schliesslech d'Ofännerung vum Chamberreglement.

Ass d'Chamber heimat d'accord?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskusioun vum Projet de loi 4896 iwwert d'Aarbechtsrecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Zanussi, Graas, Jaerling an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

4. 4896 - Projet de loi portant

1. réglementation du maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements;

2. transposition de la Directive 98/50/CE du Conseil du 29 juin 1998 modifiant la Directive 77/187/CEE du Conseil concernant le rapprochement des législations des Etats membres relatives au maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements telles qu'elles ont été codifiées et abrogées par la Directive 2001/23/CE du Conseil du 12 mars 2001;

3. modification de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel et de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;

4. modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Den Ausgangspunkt vun deem Projet ass eng europäesch Direktiv vum 29. Juni 1998, déi sech beriff op d'europäesch Recht vun 1977, respektiv vum März 2001.

Em wat geet et? Mëtt de 70er Joren hu sech wesentlech strukturell Verännerunge vum wirtschaftleche Gefüge an Europa vollzunn. National Betribsstrukture sinn duerch grenziwwerschreidend multinational ersat ginn. Fusiounen a betriiblech Iwwernahme waren op der Dagesuerdnung, dat esou gutt op nationalem Plang wéi och grenziwwerschreidend.

Verbonne mat wirtschaftleche Krisenerscheinungen ass d'Aarbechtslosegkeet dramatesch an d'Luucht gaangen an d'Stabilitéit vun der Beschäftegung ass ofgesackt. Duerfir war et noutwendeg, d'Aarbechtsrecht, Arbeitnehmerrechter an Europa ze festegen, virun allem géintwuerk vun der Weiderentwécklung am gemeinsame Maart. D'europäesch Recht hat zum Zil, déi eenzeg staatlech Restbestëmmunge bei Betribsverlagerungen ze harmoniséieren, beziehungsweise ze verbessern. Sou sinn eng Rei wichteg europäesch Direktiven am Sozial- an Aarbechtsrecht entstanden, déi an déi jeeweileg national Gesetzgebungen agebaut gi sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, haut hu mer esou eng EU-Direktiv um Ordre du jour, déi an eis Gesetzgebung soll agebaut ginn. Et handelt sech em d'Ofsicherung vu wesentlechen Arbeitnehmerrechter bei betriiblechen Transferten. Bei betriiblechen Transferten, wat ass do den Uwendungsberäich? A fir elo net an Definitionen ze verfallen, wëll ech den Text zitieren: „La présente loi s'applique à tout transfert d'entreprise, d'établissement ou de partie d'entreprise ou d'établissement résultant notamment d'une cession conventionnelle, d'une fusion, d'une succession, d'une scission, d'une transformation de fonds ou d'une mise en société.“

Mir gesinn, datt dat Wuert „Transfert“ kloer definéiert gëtt. Doriwwer aus ginn déi national Gesetzgebungen entspreichend där Direktiv ugepasst, virun allem wéi et sech

verhält mam Kënnegungsschutz, mat der Loungarantie, mat den Of-sécherungen, déi an deenen eenzelne Betriber, an deenen eenzelne State bestinn, wann esou Transferté betriiblecher Aart geschéien.

Fir Lëtzebuerg bedeit dat, datt mer ee wesentlechen Artikel, den Artikel 36 vum Gesetz vun 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag suppriméieren. E gëtt ersat an deem neie Projet. Doriwwer eraus ginn och bestëmmt Bestëmmunge vum Delegatiounsgesetz vum 18. Mee 1979 ergänzt. Da gëtt och d'Matbestëmmungsgesetz vum 6. Mee 1974 ergänzt, wuel verstanen nëmme bei de Punkten iwwer betriiblech Transferten.

Dee virleiende Projet ergänzt also eng relativ grouss Zuel vun aarbechtsrechtlechen Detailer. Ech wëll elo net op all déi Eenzelheeten agoen. Dat géif ze wäit féieren. Et ass och eng relativ komplex Matière, an duerfir hu mer et virgezunn, am schrëftleche Bericht am Detail op déi eenzel Bestëmmungen, Ofännerungen an Ergänzungen anzegoen.

Här President, erlaabt mer awer kuerz op d'parlamentaresch Aarbecht anzegoen, déi d'Wichtigkeet vun deem Projet ënnersträicht a wéi mer och an der zoustänneger Kommissioun un deem Projet geschafft hunn, virun allem well eng ganz Rei Virschléi, Amendementer, Propositione gemaach gi si vun de Beruffschamberen, souwuel vun der Patronatschamber, wéi och vun der Arbeitnehmerchamber a vum Statsrot.

Den Aarbechtsminister huet dee Projet de 27. Dezember 2001 déposéiert. D'Beruffschamberen hunn hir Avisen ofginn tëschent Februar 2002 an dem Februar 2003. De Statsrot huet fir d'éischt eng Positioun bezunn den 13. Mee vun dësem Joer. Déi zoustänneg Kommissioun „Aarbecht a Beschäftigung“ huet hir Aarbecht de 5. Juni dëst Joer opgeholl.

De Statsrot huet eng ganz Rei fundamental Propositione gemaach zum Inhalt vun dem Gesetz, an doriwwer eraus huet en och eng Opposition formelle ausgeschwat, wat d'Méiglechkeet vu Sanktiounen bei Net-Application vum dem Projet betrëfft. Mir hu probéiert, déi Oppositions formelles ze ëmgoen, andeem mer, wéi och bei aneren Uwendungen vun Direktiven, déi Strobbestëmmungen emol ausklamert hunn, wou mer awer drop zrëckkomme wa mer de Reformprojet iwwert d'Gewerbeinspektioun hei zur Debatt bréngen.

D'Beruffschamberen haten eng Rei Bedenken, eng Rei Propositionen. Déi hu mer largement duerchdiskutiert. En zweeten Avis vum Statsrot ass den 1. Juli 2003 virgeluecht ginn. De 7. Juli huet d'Kommission sech nach eng Kéier mat deenen Amendementer vum Statsrot befaasst. Et ass en drëtten Avis komm vum Statsrot de 7. Oktober. D'Kommissioun huet sech de 24. Oktober nach eng Kéier mat deem Avis beschäftegt a se huet den 30. Oktober de virleiende Rapport ugeholl, wou mer e koordinierten Text proposéieren opgrond vun deene Virschléi, déi gemaach gi si vun de Beruffschambere wéi och vum Statsrot.

Déi Opzielung, Kolleeginnen a Kolleegen, ënnersträicht, datt eng grouss Zuel vun aarbechtsrechtlechen Detailfroen virlog, déi mer hu missen am Detail behandelen, wéi zum Beispill: Wat geschitt bei Transferté mat dem Recht op kollektivvertraglech Bestëmmungen? Wat geschitt mam Kënnegungsschutz? Wat geschitt mat Loungarantien oder Lounofmaachunge bei betriiblechen Iwwernahmen? All déi Froen hu mer versicht kloer ze stellen an deem Projet. Doriwwer eraus ass et och drëm gaangen, d'Rechter vun den Arbeitnehmerdelegatiounen bei Transferté kloer ze definéieren. Dat fannt Der am Detail am schrëftleche Rapport erëm.

Weider ass, wéi ech scho gesot hunn, den Artikel 36 vum Gesetz iwwert den Aarbechtsvertrag ausser Kraaft gesat ginn. Dat betrëfft all déi Arbeitnehmerrechter bei Transferten, iwwert déi awer dat Gesetz net méi ganz kloer war op Grond vun de Juridictionen, déi entstane sinn, an op Grond vum Harmoniséierungsbestriewe vum europäesche Recht. Mir hunn deen Artikel ersat, méi prezis a méi genau an deem neie Projet, well do ganz genau definéiert ass, wat d'Arbeitnehmerrechter sinn a wéi wäit datt se gi bei den typeschen Transferten.

Wéi gesot, Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech elo net am Detail nach weider dorop agoen. Dir fannt all déi Bestëmmungen mat den Eenzelheeten am schrëftleche Rapport, an doriwwer eraus fannt Dir och am Kommentar vun den Artikelen d'Beweeggrënn, déi eis dozou gefouert hunn, fir all déi Verännerungen ze bestëmmen an duerchzezéien op Grond vun dem urspréngleche Projet de loi.

Schlussendlech wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, wat ech do gesot hunn, datt effektiv den urspréngleche Projet a wesentlechen Deeler ofgeännert ass ginn, verbessert ass ginn, méi kloer gestallt ass ginn, dat op Grond vun de Virschléi - wéi gesot - vun de Beruffschamberen an och vum Statsrot, sou datt mer konnten zum Schluss vun eise Berodungen en neie koordinierten, kloeren Text presentéieren, deen also haut zur Ofstëmmung virläit.

Ech wëll ofschléissend merci soen un d'Adress vun de Kolleegen aus der Kommissioun, déi a laange Berodungen a schwierigen Detailfroen gutt matgeschafft hunn. Da wëll ech awer och d'Aarbecht vun de Beruffschamberen a vum Statsrot belobend ervirsträichen, déi wesentlech dozou bäigedroen hunn, datt mer elo e gudden Projet op den Instanzewee bréngen, an natierlech och ee Merci un den Aar-

bechtsminister a seng Mataarbechter, déi a fënnef, sechs Sëtze matgeholl hunn, all déi Onkloerheeten aus dem Projet op Grond vun den Avisen aus der Welt ze schafen an esou zur Kloerheet bäigedroen. Dann natierlech ee Merci un d'Adress vum Parlamentssekretär a menge Mataarbechter aus der Fraktioun.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun eiser Kommissioun bidden ech d'Chamber ëm eng breet Zoustëmmung zu deem wichtege Gesetz, dat wesentlech dozou bäidréit fir Rechtssécherheet ze erstellen bei Transferten, ganz am Intérêt vun all deene Leit, déi an esou Situatiounen kommen an an deene Betriber schafen. Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech och eis Zoustëmmung zu deem Projet. Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt aganks dem Här Glesener merci soe fir säi schrëftleche Rapport, deen e bësselche méi detailléiert ausgefall ass wéi säi mëndleche Rapport elo grad, mä ech denken, dass dee schrëftleche Rapport awer jidderengem, deen en intensiv gelies huet, all Froen beäntwert, déi ee sech am Zesummenhang mat deem Projet hei ka stellen.

Effektiv, mat deem Gesetz, wat mir haut zur Diskussioun hunn a wat mir zur Ofstëmmung wäerte bréngen, gëtt déi Direktiv vun 1998 a Lëtzebuerger Recht ëmgesat. Ech mengen, dass kee Mënsch heibanen drun zweifelt, dass an deenen Zäiten, wou mir elo liewen, wou et zu ville Fusioune kënn, wou et zu

Zesummeschlëss vun Entreprisé kënn, wou Entreprisé vun engem Bësetz an deen anere ginn, et eng Noutwendegkeet ass fir eng Harmoniséierung op europäeschem Plang ze hunn, wat d'Ofsécherung vun den Aarbechter an de Salariéen an deem dote Fall ubelaangt.

Den Zweck vun dësem Gesetz ass et dann och eben eng Harmoniséierung um europäesche Plang ze maachen, wat d'Bestëmmungen am Fall vun engem Transfert ubelaangt, an déi Bestëmmungen dann esou ze organiséieren, dass d'Salariéen eng gewësse Protektioun doduercher hunn. Am Text, an dat ass virdru vum Marcel Glesener scho gesot ginn, läit den Haaptschwéierpunkt drop, dass den Term „Transfert“ definitiv anstänneg soll definéiert ginn, well déi zu dësem Zäitpunkt net verhalenen Definitioun vum Element „Transfert“ huet an der Vergaangenheet zu enger ganzer Rei vu Prozesser gefouert, an déi Prozesser sinn an Zukunft net méi néideg, well déi Definitioun vun dem Transfert do definitiv elo niddergeschriwwen ass.

Et ass och richtig a wichteg, dass déi Dispositioun aus dem Gesetz vun 1989 iwwert de Contrat de travail geännert gëtt, well mir och als Lëtzebuerger an eiser Legislatioun zwar Elementer vun enger Protektioun vun de Salariéen beim Fall vun Transfert haten, mä awer och déi Protektiounsmechanismen net duer gi fir an all Fall de Salariéen ze hëllefen hir Rechter ze kréien. Dofir ass et ganz wichteg, dass och am Lëtzebuerger Gesetz déi Definitioun vun Transfert definitiv an onmëssverständlech niddergeschriwwen gëtt. Dat ass deen een Zweck vun deem dote Gesetz.

Deen zweeten Zweck vun deem Gesetz ass, dass de Stat am Fall vun enger Entreprise, déi insolval ass, eng gewësse Souplesse zougestane kritt, wat d'Protektioun vun de Salariéen ubelaangt, eng Souplesse, déi och virdrun an där



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

doter Form net bestanen huet, mä déi awer noutwendeg ass, wann ee weess, zu wat fir enger Härtefall dass et ënner Ëmstänn ka kommen, wann eng Entreprise insolvable ass.

Dann den drëtten Punkt, dee sécherlech mat grousser Opmierksamkeet bei de Gewerkschaften säin Nidderschlag fonnt huet, ass d'Tatsaach, dass d'Informationsan d'Konsultationspflicht vun de Sozialpartner a vun de Gewerkschaften och an deem Text hei niddergeschriwwen ginn. Innovativ ass d'Gesetz, wat mir elo stëmmen, an engem ganz wichtige Punkt, an zwar besonnesch am Fall wou eng Entreprise eben un een aneren transféiert gëtt. Elo gëtt festgehalten, dass de Cessionnaire, dat ass also deen, deen d'Entreprise un eng aner Persoun iwwergëtt, weiderhin an der Obligation bleift vis-à-vis vun de Salarié soulaang wéi d'Entreprise nach a sengem Besëtz ass. Dat heescht, déi Obligationen am Fall vu Loun, Revendicationen, déi nach do stinn, gi ganz kloer op d'Käschte vum Cessionnaire, wat och fir d'Salariéen eng ganz wichteg Definition an engem wichteg Präzisioun ass.

Dobäi kënnt d'Tatsaach, dass am Fall vun enger Faillite de Cessionnaire, dat heescht deen, deen dann herno d'Entreprise mat iwwerhëlt, zesumme mat den nationalen Repräsentanten vun de Salariéen am Beräich vun der Diskussion iwwert d'Erhale vun der Entreprise ka Pläng ausschaffen, wéi d'Surviv vun der Entreprise ka garantéiert ginn. Et gëtt dann och an der Direktiv an am Gesetz definiert, wat d'Roll vun der Personalvertriebung ass, quitte dass et do am Avis vun der Chambre de Travail och nach eng Rei vun zousätzlechen, méi präzisen a méi prägnante Fuerderunge gi sinn, déi awer nëmmen zu engem Deel hei zréckbehale gi sinn.

Insgesamt denken ech, dass dat Gesetz an déi Direktiv wierklech eng absolut Noutwendegkeet sinn. Et ass eng Direktiv, déi um europäesche Plang d'Rechter vun de Salarié verstärkt, verbessert, an et kann ee vläicht bedauern, dass d'Ëmsetze vun der Direktiv laang gedauert huet. Si ass vun 1998. Mä „Was lange währt, wird endlich gut.“

Mä mat deem Gesetz war och d'Erausforderung verbonne fir e bëssen enger delikater Seelakt ze maachen an en Equilibre ze fannen tëschent engersäits de Rechter vun de Berufstätigen, vun de Beschäftigten, an anersäits der Belaaschtung vun den Entrepreneuren verbonne mat der Fro vun der Konkurrenzfähigkeit. Ech mengen, dass deen Equilibre der Kommission hei eigentlech gutt gelongen ass an deem Rapport an deem Text, deen hei zréckbehale ginn ass. Duerfir géif ech och hei am Numm vun eiser Fraktioun den Accord vun eis zu deem Projet bréngen a merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, d'Aarbechtsrecht huet jo um europäesche Plang ouni Zweifel schonn eng gewëssen Tradition. Wann och an den Ufäng vum Vertrag vu Roum deem Volet nach net déi Importenz zouerkannt gouf, sou huet dat verännert Ëmfeld dach am Laf vun deene leschte Joréngen zu Upassungen um legislative Plang gefouert. Et kann een an deem Kontext och aus der Charte sociale vum 9. Dezember 1989 zitieren, déi jo an de Punkte 7, 17 an 18 seet: „La réalisation du marché intérieur doit conduire à une amélioration des conditions de vie et de travail des travailleurs dans la Communauté européenne.“

D'Konscht besteet jo u sech doran, fir en Equilibre ze fannen zwëschen engersäits der Kompetitivitéit vun de Betriber an op där anerer Säit dem Schutz vun dem Salariat. Eppes ass kloer: Och eng iwwerdriwwen Regulierung vum Arbeitsrecht wier mat Sécherheet net positiv fir eis Ekonomie. Mat dem Gesetz vun haut, wat mir hei stëmmen, gi jo dann och d'Rechter vun den Aarbechter am Fall vum Transfert vun den Entrepreneuren nach méi präziséiert. Besonnesch an enger Zäit, wou d'Globalisierung u sech ëmmer méi sech bemierkbar mécht, an och Fusiounen, Integrationen an Opkeef vu Betriber keng Seltenheet méi sinn, huet esou eng Disposition ouni Zweifel dach eng grouss Wichtigkeet.

D'EU-Kommission huet an der Period vun 2000 bis 2002 eleng 1.200 „Projets de fusion“ ënnersicht. Allerdéngs muss een do bemerken, dass se nëmmen 1% dovun refuséiert hu wéinst enger möglicher Schaffung vun enger Monopol-situation. Et schéngt och wéi wann u sech nëmmen ee Projet refuséiert gi wär wéinst enger negativer Auswirkung op d'Belegschaft.

D'Kommission schätzt och, dass ongeféier allerdéngs 250.000 Arbeitsplätze duerch déi Fusiounen verluer gaange sinn. Och hei zu Lëtzebuerg si mer jo net vun deem Phänomeen verschont ginn, an et gëtt jo och eng Rei vu sektoriellen Domänen, wou mer regelméisseg erliewe wéi eenzel Betriber vun anere Betriber iwwerholl ginn. Ech wëll hei zum Beispill op de Grupp BIL hiweisen, déi an de Grupp DEXIA iwwergaange sinn, d'Integration vun der BGL an de FORTIS-Grupp oder natierlech och d'Fusioun vun ARBED, Aceralia an Usinor haut an de Grupp Arcelor. Et ass evident dass natierlech esou Transferten, esou Opkëf ëmmer erëm eng Rei vu Problemer fir déi Ugestallt mat sech bréngen, an et muss vill Froe gekläert ginn ier, wéi gesot, den definitiven Transfert ka vollzu ginn.

Dëst Gesetz, kann ee soen, spigelt awer och e bëssen den typesche Lëtzeburger Geescht zréck, dee jo doranner besteet, dass u sech ëmmer e gutt Zesummewirken tëschent Patronen a Salariat gefleegt gëtt, well mir gi jo och an dëser Direktiv an eenzelne Punkte méi wäit wéi dat u sech jo och virgesi war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deemem Kader muss een natierlech awer och d'Fro opwerfen, firwat net dëst Gesetz, dës Dispositionen an dat bestehend Gesetz iwwert d'Aarbechtskontrakten integréiert goufen. Et muss ee jo oppassen, dass een net ze vill en Éparpillement an dem legislative Beräich mécht. Et schéngt jo allerdéngs esou ze sinn an deem Fall, dass et méi virdeelhaft war fir e separat Gesetz ze maachen. Da muss een awer och soen, dass dëst Gesetz jo a ville Punkten den Interesse vun de Salariéen, wéi gesot, am Fall vun engem Transfert vun enger Entreprise Rechnung dréit, wat d'Chambre de Commerce folgendermoossen ëmschriwwen huet: „Les transferts d'entreprises ou d'établissements sont dans bien des cas dans l'intérêt même des salariés, qui risquent le cas échéant de se retrouver sans employeur.“

Mir begreifen et och, als Demokratesch Partei, dass am Fall vun enger Faillite bei enger Reprise vun enger Firma duerch eng aner e maximalen Délai vun dräi Méint agesat gouf an deem déi kontraktuell Rechter vun de Salariéen nach Gültigkeet hunn, well wa mer hei méi e laangen Délai virgesinn hätten, deen och méi contraignant gewiescht wär, da wär wahrscheinlech een oder deen anere Betriber am Fall vun enger Faillite net op gewiescht fir dann awer deen Transfert ze maachen. An dann dierf een natierlech och net vergiessen, dass jo och gegebenenfalls kënnen Konventionen ausgeschafft gi fir eben d'„Marge de manoeuvre“ nach ze vergrësseren.

Allerdéngs mengt d'Chambre des Métiers an deem Kontext: „Il ne faut cependant pas surestimer les effets de cette mesure en termes de sauvegarde d'emplois dans la mesure où le nombre de transferts susceptibles de se réaliser dans le cadre d'une gestion contrôlée ou d'une faillite est a priori peu élevé.“

Hei am Land, an ech bezéie mech hei nach ëmmer op den Avis vun der Chambre des Métiers, ginn et d'Joer am Duerchschnëtt zéng prononcéiert „gestions contrôlées“ a si géngen all net zu engem Transfert Ulass ginn, an d'Liquidation vun Entreprise charakteriséiert sech och oft duerch de Verkauf vum ganzen Actif. Dat sinn also, wéi gesot, och Operationen déi net noutgedrongen engem Transfert am Sënn vun deem Gesetz gerecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, der Informationspflicht fällt natierlech awer och an deem Projet eng besonnesch Roll zou. Virun allem wann eng Reprise vun engem Betriber duerch en aneren usteet, muss eng oppen an och fair Informationspolitik duerchgezu ginn, fir dass déi Iwwergangsbestimmung sech dann och kënnen an engem konstruktive Klima ofwéckelen. Den Artikel 6 vum Gesetz regelt dat jo op eng detailléiert Aart a Weis, an et ass och ze begreifen, dass am Fall wou jo keng Personaldelegation besteet, all eenzelnen Aarbechter muss schrëftlech informéiert ginn. Och d'Chambre des Métiers ka sech mat dëser Neierung d'accord erklären.

Et ass och gutt, dass déi ursprénglech Mesure fir d'Entrepreneuren op penalem Wee ze bestrofe fale gelooss ginn ass, well hinnen och nach Strofen opzeerleeën hätt wahrscheinlech allerdéngs dozou gefouert, dass Einzelner découragéiert gi wäire fir eng Reprise ze maachen. Dëst Gesetz huet jo mat Sécherheet gewësse positiv Auswirkungen op den Arbeitsmarkt, well jo bei enger Reprise vun enger Firma d'Leit am Prinzip net direkt automatesch entlooss ginn. Jiddefalls mir als Demokratesch Partei begreifen och deementsprechend dëst Gesetz, dat u sech e gudde Kompromëss ass tëschent dem Schutz vun dem Salariat an awer och op där anerer Säit de wirtschaftlechen Uspréich vun eise Betriber. An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun, soen awer och nach dem Kollege Marcel Glesener merci fir seng ausféierlech Rapporten.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt dem Här Rapporteur féliciteiere fir säi schrëftleche Rapport, wou ee ganz kloer gesäit, dass do ee vu Sachkenntnis nëmmen esou strotzt, wat jo och normal ass bei engem Mann, dee sech säi Liewe laang ëm d'Aarbechtsrecht gekëmmert huet. Ech mengen et ass wichtig, dass ëmmer méi international Konventionen am Arbeitsrecht als Géigegewicht zu deenen internationalen Fusiounen an och zu där ëmmer méi staarker internationaler Konkurrenz d'Salariat ofsécheren. Mä dat Gesetz hei ass an deem Sënn wichtig, well et jo awer net nëmmen d'Salariat ofséchert mä och an engem Sënn d'Betriber, well am Fong hei méi eng juristesch Kloeerheet kennt wat eben d'Betriebsfusionen ubelaangt. Ech sinn och elo frou haut, dass dat neit Règlement vun der Chamber nach net besteet, well soss hätt ech miszen zouginn, dass ech als Gewerkschaftler hei perséinlech befaange sinn, an dann hätt ech elo net esou

onbelaangen hei kënnen schwätzen.

(Interruptions)

Nee, et fällt mer net schwéier well hei hunn ech geléiert mech unzepassen. Ech mengen, do gesäit ee wéi flexibel dat e Mensch ka sinn. Et ass awer e wichteg Gesetz well et hei an dëser Gesetzgebung kloer ass, dass eenheetlech Bestimmungen erakommen, déi déi zwou Parteien am Fong bannen a jiddferengem seng Interéiten ofsécheren, wat jo och net ëmmer an eisem Arbeitsrecht esou kloer ass. Do gesäit ee jo wéi schwierig et ass, en eenheetlech Arbeitsrecht um internationalen Plang ze schaffen, wa mer et emol net faerdeg bréngen, hei an eisem eegene Land en eenheetlech Arbeitsrecht fir all Salarié ze schaffen; ech mengen där Beispiller hunn ech jo schonn oft genuch hei ugefouert, an et wär och an deem Sënn emol wichtig, dass mer eis doriwwer géife Gedanken maachen an dann en eenheetleche „Code de travail“ géif op d'Bee gesat ginn.

Hei ass elo eng europäesch Direktiv déi ëmgesat soll ginn, mä wat ech an deem Zusammenhang awer wëll bedauern, dat ass dass et nach eng ganz Rei europäesch Direktiven a Recommendationen gëtt, besonnesch am Arbeitsrecht, déi hei nach net ëmgesat ginn, an ech mengen déi eelsten dovunner geet nach op 1960 zréck, wat erstaunlech ass wann ee gesäit, dass schonn aner Direktiven, déi der Ekonomik kënnen déngen, innerhalb vu kuerzer Zäit ëmgesat gi sinn, an déi Direktiven am Arbeitsrecht schleefen ëmmer wäit hannendrun.

Wat fir mech wichtig ass, dat ass dass an deem Gesetz hei esouwuel d'Ofsécherung vun de Léin, vun de Rechter vun den Delegierten awer och vun de Rechter am Zusammenhang mat den Zousazpensiounen kloer dra steet, wat jo vun enger Berufschamber gemengt ginn ass, dass dat net kloer wär, mä et schéngt mer awer dass, wann den Transfert vun alle Rechter an engem Gesetz steet, dann och d'Zousazpensiounen do matgemengt sinn; esouguer wann de Salarié d'Entreprise verléisst, bleiwe seng Rechter bei engem Transfert vun där Entreprise an eng aner nach oprechterhalen.

Wat mer besonnesch gefält, dat ass dass am Artikel 5 och fir mech perséinlech eng Neierung dran ass, an dat heescht dass do emol einfach d'Dellegationen ernimmt ginn, dass déi d'Recht hunn ze intervenéieren, dass déi d'Recht hunn op Informatioun, wat jo net ëmmer esou evident war, well an anere Gesetzer ëmmer nëmmen déi national representative Gewerkschaften dra stinn, an hei steet emol endlech an engem Gesetz, dass d'Dellegationen, dat heescht déi legal gewielte Vertrieeder vum Salariat, déiselwecht Rechter kréien, dat heescht dass een Delegierte behandelt gëtt wéi deen aneren an dass et net méi esou ass, dass nëmmen déi Delegéiert vun deenen national representative Gewerkschaften Rechter hunn. Ech mengen dat ass eng Neierung an déi wëll ech hei ganz kloer begreifen.

Et ass also e Schrëtt an déi richteg Richtung, a wat ech och nach zousätzlech begreifen ass, dass an de Gesetzer ëmmer erëm de Begrëff „Travailleur“ optaucht, dat heescht dass a Richtung geduecht gëtt vun engem eenheetleche Statut fir d'Salariéen. Och dat schéngt mer wichtig, dass et sech ëmmer erëm an de Gesetzer erëmispigelt, dass mer um Wee si fir eise Salariéen endlech en eenheetleche Statut an der globaler Ofsécherung ze schaffen, well et gëtt ee Begrëff, dee mech an der Ekonomik besonnesch stéiert, an dat wëll ech hei emol eng kéier kloer soen, dat ass dee Begrëff „Ressources humaines“, deen a verschidde Betriber optaucht. Wann ech dat kloer iwwersetzen, dann ass dat Menschensmaterial; dat ass eng Diskrimi-

néierung vis-à-vis vun de Salariéen, an ech mengen d'Salarié si Menschen, si si keng „Ressources humaines“, si si kee Menschensmaterial, mä si si Menschen mat Rechter, an et ass eng Diskriminierung vun de Salarié wann déi ënnert dem Begrëff „Ressources humaines“ zesumme geschloen ginn, an dofir wär ech frou wa mer ierendwann eng kéier dozou kéimen, dass dee Begrëff am Zusammenhang mat de Salarié misst verbuede ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wëll am Numm vun där Grénger Fraktioun och dem honorablen Här Glesener merci soe fir déi ausféierlech Explikationen, déi hien hei gemaach huet vum Inhalt vun deem Gesetz. Et ass ganz kloer, wat sech hei ergëtt, dass praktesch vun alle Banken, déi sech hei geäussert hunn, Unanimitéit ass fir dëse Projet de loi ze stëmmen. Och mir Gréng wäerten eis dëser Unanimitéit uschlëssen. Et huet kee Wäert, dass ech am Detail nach eng kéier dat widderhuelen, wat vum Här Glesener an och vun deenen anere Virriedner hei gesot ginn ass.

Zënter der Aféierung vum Binnenmarkt ass et an deene vergaangene Joeren an Europa wéi och hei zu Lëtzebuerg zu Fusiounen komm, zu Iwwernahmen, zu méi oder manner frëndlechen Iwwernahmen vu Betriber, a wann ee kuckt dass d'nächst Joer nach zéng europäesch Staaten an dee Binnenmarkt derbäikommen, dann ass ze erwaarden, dass natierlech déi Beweegung vu Fusiounen, vun Iwwernahmen, vun Transferten vu Betriber nach wäert zouhuelen. Et ass also ganz wichtig, dass et och sozial Protektionsmoossname fir d'Salariat vun deene Betriber gëtt. Déi ginn an dëser Direktiv, an deem Projet de loi hei präziséiert, a mir kënnen eis deem nëmmen uschlëssen.

Wa mer eng kleng Kritik kënnen ausüben, dann déi, déi och scho vum Här Jaerling an ähnlecher Form hei gesot ginn ass, dass et esou laang gedauert huet ier et zur Transposition vun dëser Direktiv komm ass, an dass ee sech d'Fro muss stellen: Firwat ass et esou, dass bei esou Direktiven, déi d'Abeitsrecht betreffen - dat ass heiansdo och bei Naturschutzdirektiven oder bei Ëmweltdirektiven leider de Fall -, d'Regierung esou laang brauch fir déi da wierklech an d'nationaalt Recht ëmzesetzen. Hei an deemem präzise Fall ass d'Lëtzeburger Regierung am Fréijoer jo scho praktesch vun der Europäescher Kommission verwarnt ginn duerch en „Avis motivé“ wéinst Net-Transposition, an dat si Saachen, déi a mengen Aen awer e weëneg bedauerlech sinn.

Mä par rapport zum Inhalt vun der Direktiv an och un deem wat hei am Gesetz steet hu mer näischt aussetzen. Mir kënnen dat also och mat ënnerstëtzen. Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Arbeitsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer emol fir d'éischt allen Intervenanten hei merci ze soen, virun allem als Éischtem dem Marcel Glesener fir säi Bericht, virun allem och fir säi schrëftleche Bericht, well ech fannen dass e sech ganz vill Méi ginn huet, all déi Diskussionen, déi mer haten, am Detail erëmzeginn. An dat doten ass e Gesetz, wat herno nach, hoffentlech net ze vill, mä trotzdem dierft viru Geriicht beméit ginn, esou dass och säi Rapport kann utile Hëllefstellung gi wann do Konfliktfall kommen.

Et ass hei schonn e puermol ugeklongen, och als Kritik, dass mer iwwerfällég wären; et ass effektiv eng Direktiv wou mer iwwerfällég sinn. Woufir kritt ee Retard?

(Interruptions diverses)

Ech waarde bis d'Gespräicher eriwwer sinn.

Ech si jo villes gewinnt, mä et ass awer schwiereg wann ee just Kaméidi héiert. Ech hale méch och kuerz.

Ech wëll awer trotzdeem op déi puer Kriticken, déi komm sinn, agoen. Also de Problem ass emol, dass ee fir d'éischt muss eng Direktiv an e Projet de loi ëmsetzen, dass all Ministären - dat wëll ech net als Excuse soen - net onbedéngt esou besat sinn, dass mer Leit hunn déi sech just dorëm bekëmmere. Mir hunn de Projet de loi de 27. Dezember 2001, dat heescht virun net grad zwee Joer hei deponéiert. Dat heescht d'Regierung hat also hir éischt Aarbecht virun zwee Joer gemaach, a mir hunn elo bal zwee Joer gebraucht fir et ëmzesetzen.

Et muss een och doriwwer diskutéieren, woufir e Projet, wann en deponéiert ass zu Lëtzebuerg, esou laang Zäit um Instanzewee brauch. Dat kann ee bedauern, et kann een deem awer och zum Deel positiv Säiten ofgewannen. Et kann een et natierlech wéi am Ausland maachen, wou dat ganz séier geet a wou d'Projeten och dann esou zimlech erauskomme wéi se eraange sinn. Zu Lëtzebuerg hu mer d'Traditioun vun de Beruffskummeren. Et ass jo elo vill - mir hate Beruffskummerwahlen - gesot ginn: Wat kënnen déi Beruffskummer bréngen? Bréngen déi iwwerhaupt eppes? Ass dat net fir näischt?

Op dësem Projet hei gesäit een - an dat ass u sech dann e Mérite, awer och vläicht e Feeler, deem der Chamber zegutt kënnst -: D'Chamber huet vill heidru geschafft. Ech fannen dat positiv. Mä d'Chamber huet sech hei vill Méi gemaach fir och den Avisé vun de Beruffskummerer Rechnung ze droen. An do sinn aus alle Beruffskummerer Elementer agefloss, an ech mengen, dat ass awer och eppes wat een dann net nëmme soll negativ gesinn, dass mer eis hei Méi ginn hunn, de part et d'autre, d'Regierung esou gutt wéi d'Chamber, de Statsrot, d'Beruffskummeren, fir ze

versichen en uerdentlechen Text ze maachen. An ech mengen, wann haut eng Unanimitéit hei herrscht kënnst dat awer och dohier, dass op villen Artikele gefeilt ginn ass, bis dass jiddfereen awer och d'Gefill hat: Hei ass e Kompromëss deem dat Soziaalt ofséichert ouni dass en awer wirtschaftlech zrëckrétscht. An dat, mengen ech, ass eppes wat ee scho soll approuvéieren.

Et ass zum Beispill ee Punkt, dee mer laang diskutéiert hunn a wou mer nach bis zum Schluss Amendementer gemaach hunn, deem ech hei als eenzege wëll eraushuelen. Et ass e Punkt wou mer méi wäit gaange si wéi d'Direktiv. D'Direktiv seet, d'Länner kënnen, musen awer net virgesinn, dass den „Transfert d'entreprise“, also d'„Betriebsübernahmeregelung“ och spillt no enger Faillite. Verschidde Länner hunn dat net gemaach, mir awer hate dat als Regierung proposéiert. Et ass natierlech eng kleng Gefor domat verbonnen, well wann ee seet, no der Faillite kënnen Aarbechtskontrakter erëm opliewen, kann dat vläicht Repreneuren, déi guddes Glawes sinn, verhënnere, e Betrib ze iwwerhuelen, an da geschitt guer näischt mam Betrib deem an d'Faillite gefall ass. Dofir hu mer wierklech hei misen e Kompromëss sichen. Mir hu laang gedoktert um Kompromëss. Mir hunn e fonnt.

Ech war och ganz frou, dass d'Chambre de Commerce an engem zousätzlechen Avis sech och mat eiser leschter Solution averstanen erkläert huet, nämlech dass do eng Karenzzäit vun dräi Méint ass, an no dräi Méint kann iergendeen neie Repreneur kommen. Mä mir wollten awer bei deem Artikel aus soziale Grënn stoe bleiwe fir ze froen - a virun engem Joer hunn ech mer déi Gedanken an engem konkrete Fall gemaach -, ob do net e Betrib mam Gedanke gespillt huet fir ze soen: Ma ech wëll léiwer an d'Faillite goe wéi eng uerdentlech Restrukturatioun ze maachen, da kommen ech vläicht herno, wann ech dat iwwerhuelen, awer erëm méi bëlleg u alles drun. De Fall huet sech do awer net esou presentéiert wéi ech dat gefaart hunn, mä déi Gefor besteet, dass ee seet: Da maachen ech ebe Faillite, da brauch ech menge Salariéen iwwerhaupt näischt ze ginn, da gi se bei d'Administration de l'Emploi, dat heescht bei de Steuerzueler, nach e puer Indemnitéite

siche fir Salairen déi ech net bezuelt hunn, an herno, no der Faillite kafen ech dat Ganzt erëm op. Dofir hu mer deem Artikel hei esou gemaach, mä mir hu laang versicht, de Kompromëss ze fannen deem et awer net onméiglech mécht, dass iergendee kënnst an aus der Masse vun der Faillite de Betrib weiderféiert ouni dass dat dann awer onméiglech fir hie wär.

Voilà, dat ass ee Beispill wou mer hei zesumme versicht hunn eppes Uerdentlechtes ze maachen. Ech wär jo frou wa mer et net ze vill brächten ze beanspruchen, mä ech mengen dass et an deene wirtschaftlechen Zäiten, an deene mer liewen, och gutt ass, dass mer déi Direktiv esou ëmgesat hunn zu Lëtzebuerg an dass mer hir och den nationalen Touch ginn hunn, dee mer hei gemeinsam ausgeschafft hunn. Dofir hoffen ech, dass déi Unanimitéit vun de Riedner sech och als Unanimitéit am Vote nidderschléit. Merci.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4896 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dee gesamte Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Nicolas Strotz), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M.

Claude Meisch), Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Ben Fayot) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves

Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wärem mer um Enn vun eiser Sitzung vun de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à

Sommaire des séances publiques

Hommage à la mémoire de M. Johny Lahure, ancien ministre (LSAP) page 108

Communications page 108

Octroi du titre honorifique à M. Robert Garcia page 108

Retrait du rôle du projet de règlement grand-ducal 5197 portant transposition de la directive 1999/95/CE du Parlement Européen et du Conseil du 13 décembre 1999 concernant l'application des dispositions relatives à la durée du travail des gens de mer à bord des navires faisant escale dans les ports de la Communauté page 108

Ordre du jour page 108

Question avec débat N° 34 de M. Serge Urbany sur le bilan de la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle pages 109-110

Question avec débat N° 35 de M. Jean Huss relative aux effets des téléphones mobiles (UMTS) pages 110-111

Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng au sujet du Protocole de Kyoto pages 111-115

5090 - Projet de loi portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert et

5196 - Projet de loi relatif à la construction d'un lycée technique et d'un internat à Redange-sur-Attert pages 115-120

5120 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 18 juin 1969 sur l'enseignement supérieur et l'homologation des titres et grades d'enseignement supérieur pages 120-123

5225 - Débat d'orientation sur l'actuel système d'aide et de protection de la jeunesse au Luxembourg pages 124-134

Ordre du jour page 134

Ordre du jour pages 134-135

4765 - Proposition de révision de l'article 114 de la Constitution pages 135-141

Dépôt d'une proposition de loi page 141

Communications page 141

Ordre du jour page 141

4896 - Projet de loi portant

1. réglementation du maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements;

2. transposition de la Directive 98/50/CE du Conseil du 29 juin 1998 modifiant la Directive 77/187/CEE du Conseil concernant le rapprochement des législations des Etats membres relatives au maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements telles qu'elles ont été codifiées et abrogées par la Directive 2001/23/CE du Conseil du 12 mars 2001;

3. modification de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel et de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;

4. modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail pages 141-144

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
um Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iersmdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz